



► **M. le Président.**- Merci dem Här Gira. Elo huet den Här Lux d'Wuert gefrot.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir verstitt, et géif ee reizen, zu deem Thema ganz villen ze soen. Wann d'Finanzéierungsfro gestallt gëtt, dann hunn ech d'Gefill, wéi wann den 29. Oktober um 15:24 jiddefalls deem Datum kéint sinn, wou de Projet vum City-Tunnel definitiv gestuerwen ass, well wann d'Finanzéierungsfro déi ass, déi entscheedend ass, da kann ech lech soen, dass den Tunnel eleng vum Hesper Bësch bis op de Kierchbierg, eleng den Tunnel bei 1,5 Milliarden,...

► **Une voix.**- Oh!

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- ...also dräi- bis véiermol méi wéi all Käschen, déi ronderëm den Tram ze bezuele sinn, wäert kaschten.

(Interruptions)

Duerfir kënne mer dee Projet jo, mengen ech, dann haut definitiv vergiessen.

A wat d'Motioun ubelaangt, esou hale mer et mat engem Zitat aus dem „Wort“, engem Zitat vum zoustännegge Minister Claude Wiseler. An op der Iwwerschrëft steet „Das Tramprojekt wird benötigt.“ Dat ass en Zitat vum Här Wiseler, an duerfir wësst Der, wéi mer iwwert déi Motioun wäerten ofstëmmen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Lux. D'Madame Brasseur huet d'Wuert.

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Här President, ech géif vläicht wëlle soen, dass am Wahlprogramm vun der DP stoung: „Stattdessen wird eine leichte Trambahn bevorzugt, die die Peripheriebahnhöfe mit dem Stadtzentrum sowie dem Zentralbahnhof verbindet. Die DP wird sich dafür einsetzen, dass diese Tramverbindung verwirklicht wird.“

Domat ass ganz kloer, dass d'Demokratesch Partei fir dee Projet vum Tram ass. Den Här Henckes, dee seet, et sollen nach Etüde gemaach ginn. Ech mengen, där Etüden, där si ganz vill gemaach ginn, ugefaange vun den Etüde vum BTB, iwwer Verkéierszielungen, wou probéiert ginn ass erauszefannen, wat dee beschte Moyen ass. A mir haten hei eng Debatt 2006 an der Chamber, wou mer zur Konklusioun koumen, dass deem Tram, esou wéi en elo weiderdéveloppéiert ginn ass, dee beschte Moyen wär.

Ech géif allerdéngs suggérieren, Här President, dass den Här Minister eng kéier mat de Verrieder vum GIÉ - dat heescht mam Groupement d'intérêt économique, dee sech ëm den Tram këmmert - an déi zoustänneg Kommissioun hei an d'Chamber kënnt, fir ze weisen, wou se mat den Etüden dru sinn, well ech weess, dass do ganz vill Berechnunge gemaach gi sinn. D'Konklusioun ass nach net definitiv gezunn, mä dass vläicht eng Zwëschenetapp gemaach gëtt, fir dass esou all Transparenz an deem Dossier kënnt.

Mä mir kënne selbstverständlech als DP déi Motioun hei net stëmmen, well dat wär fir dat Ganzt nach opzehalen. D'Stad Lëtzebuerg brauch endlech e Verkéiersmoyen, fir d'Stad Lëtzebuerg ze entlaaschten.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen der Madame Brasseur Merci. Elo kritt nach d'Wuert den Här Hoffmann.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Also, ech mengen, eigentlech misst den Tram elo scho fueren. Ech mengen, et huet ze laang,...

► **Une voix.**- Très bien!

(Interruptions)

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- ...ze laang gedauert. Ech hunn d'Motioun, fir dass do kee Mëssverständnis opkënnt - mä dat brauche mer awer net all kéiers ze soen -, ënnerschriwwen, an dat maachen ech och an Zukunft, pour appui, well ech

der Meenung sinn, dass, wann eng Partei, ech soen dat bewusst, eng Partei, déi net hei Grupp ass, dass déi awer d'Méiglechkeet huet, hir Motiounen hei zur Diskussioun kënne ze stellen an zum Vote.

Dat erlaabt jo och dann an deem Fall hei, dass déi eenzel Parteien och da kloer nach eng kéier Stellung huelen. Bei eis, an eise Wahlprogramm, stoung ganz eendeiteg, mir si fir den Tram an der Stad an net fir iergendeng aner Léisung.

Et ass also selbstverständlech, dass ech duerfir déi Motioun net ka stëmmen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Elo kritt d'Wuert den Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President, just fir ze soen, dass am Fong d'Regierung amgaangen ass, genau dat ze maachen, wat dës Chamber d'Regierung 2006 gefrot huet an enger Motioun. Si ass amgaangen, deem Dossier weiderzedreiwen. Si ass amgaangen, déi Froen, déi nach ze beäntwerte sinn, kucken esou wäit ze studéieren, datt mer eng Äntwert kënne ginn, déi esou prezis wéi méiglech ass. Si ass amgaangen, och déi Finanzéierungsfro ze kucken, zesumme mat der Stad Lëtzebuerg, wat fir eng Modalitéiten ënner zwee Partner, déi um selwechte Projet schaffen, kënne fonnt ginn, fir de Projet an Zukunft ze realiséieren. A si ass och amgaangen, op deem Dossier vun de Gares périphériques weiderzeschaffen, well den Tram jo bekanntlech nëmmen een Element vun engem ganze Mobilitéitskonzept ass. Dat Ganzt si mer amgaangen ze maachen.

Wann elo d'Resultater fäerdeg sinn, kritt d'Chamber natierlech alles virgeluecht, wat se brauch, fir sech dann definitiv eng Meenung iwwert de ganze Konzept ze maachen.

Evidenterweis sinn ech bereet, wann dat d'Demande ass vun der Commission du Développement durable, mat Freed an d'Kommissioun ze kommen, fir lech dann, wann Der wëllt, den Zoustand vun de Studien a vum Dossier ze ginn an och déi Froen ze beäntwerten, déi Der wëllt stellen an déi ech an deem Moment dann esou gutt beäntwerten, wéi mer se kënne beäntwerten.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler Merci. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dës Motioun.

Kënne mer par main levée stëmmen?

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen, Här President!

► **M. le Président.**- E Vote électronique ass verlaangt. Da stëmme mer par vote électronique.

Vote sur la motion

De Vote fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun ass verworf mat 55 Nee-Stëmmen, géint 4 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus (par Mme Christine Doerner), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Ben Fayot), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Henri Kox);

M. André Hoffmann.

Domadder wär och dese Punkt ofgeschloss. Mir kommen dann elo zum Projet de loi 5988, en Accord iwwert den Transport aérien tëschent der Europäescher Unioun an de Vereenegte State vun Amerika. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo just ageschriwwen: den Här Berger. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

3. 5988 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur le transport aérien entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et les États-Unis d'Amérique, d'autre part, signé à Bruxelles, le 25 avril 2007 et à Washington, le 30 avril 2007

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, beim Accord 5988 geet et ëm en Accord, dee fonnt ginn ass tëschent der Europäescher Unioun an de Vereenegte State vun Amerika, wat d'Loffahrt ubelaangt. Deen Accord, deem am Abrëll 2007 ënnerschriwwen ginn ass - et muss een e kleng Réckbléck maachen -, deem ass den 3. Februar vun der Regierung deponéiert ginn. Den 2. Juni koum den Avis vum Statsrot. Den 23. September gouf ech zum Rapporteur genannt, an den 21. Oktober huet d'Kommissioun de Rapport eestëmmegehall.

Firwat deem Accord? 2002 si bilateral Accordé getraff ginn tëschent England, Dänemark, Schweden, Finnland, der Belsch, Däitschland, Lëtzebuerg an Éisträich mat den USA.

Doropshin ass awer eng Plainte komm, well dës Kompetenz net bei den Nationalstate läit, mä well dat eng Kompetenz ass vun der Europäescher Unioun. Am Uerteel vun 2003 ass gesot gi vun der Cour de justice européenne, dass do misst en Accord européien gemaach ginn an d'Nationalstate net kéinte mateneen esou Accordé maachen.

Doropshin huet d'EU-Kommissioun 2003 d'Verhandlungen no enger Sitzung vum Ministerrot ugefaange mat Amerika, wat de 25. Juni 2003 de Fall war, fir dass den 30. Abrëll 2007 en Accord dozou fonnt ginn ass. Ënner anerem geet et och do ëm d'Kapitalbedeelegunge vun de Firmen, den Europäer bei den amerikaneschen an ëmgedréint. Dat ass ee vun deene Bestanddeeler, an et geet elo natierlech drëm, dass déi 27 Länner deem Accord zoustëmme wäerten.

De Conseil d'État huet zu deem Projet de loi gesot, et wier selbstverständlech, dass Lëtzebuerg dee Projet de loi misst ëmsetzen, deem Accord misst ratifizéieren, an dat opgrond vum Uerteel vum November 2002. An et war och deementspriedend wou d'Kommissioun unanime de Rapport ugehall huet, a wou ech lech alleguerte géif bieten, d'Zoustëmmung zu deem Projet ze ginn, fir dass mer dat dann ee fir allemol ënner Dach und Fach kréien.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Marc Spautz Merci. Ech mengen, dat war alles extrem komplett an detailléiert. Et ass keen heibannen, deem do nach de Wonsch verspiert, dozou Stellung ze huelen, och net d'Regierung. Ech géif proposéieren, datt mer domadder zum Vote géifen iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote geet direkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5988 ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Lucien Thiel), MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Claude Haagen (par Mme Vera Spautz), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz (par Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. Henri Kox) et Henri Kox;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Als nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer elo de Projet de loi 5999 iwwert de Bau vun enger Logistikhal um Härebierg. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Etgen, Haagen, Braz a Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Ali Kaes. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

4. 5999 - Projet de loi relatif à la construction d'un hall logistique pour la caserne Grand-Duc Jean au Herrenberg à Diekirch

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Ali Kaes** (CSV), *rapporteur.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, deem ech lech haut hei presentéieren, ass en zweete Schratt vun insgesamt fënnf, fir d'Kasäre vum Härebierg ze renovéieren an ze moderniséieren.

Viru gutt fënnf Méint hunn ech op deser Plaz déi éischt Etapp virgestallt, déi a sech haaptsächlech d'Moderniséierung vun de primären techneschen Infrastrukture virgesinn huet. Schonn deemools hat ech ugekënnegt, datt de Projet vun der Hal a sech schonn déposéiert wier. E Projet, dee bluttnoutwendeg ass, wa mer deem héich technologesche Fuerpark, dee mer 2007 an der Héicht vu plus/minus 150 Milliounen Euro gestëmmt hunn, net ganz einfach wëllen an den Dreck setzen.

Wéi schonn am Mee dëst Joer, wëll ech nach emol ënnersträichen, datt zwee esou wichteg Projeten an esou kuerzer Zäit beweisen, datt d'Regierung Neel mat Käpp wëllt maachen, eppes, wat ech nëmme ka ganz ënnerstëtzen a begrëissen.

Déi dräi Etappe vun Aarbechten, déi dann elo nach austinn, sinn, zur Erënnerung, d'Moderniséierung vum Schéissstand am Bleesdall, d'Moderniséierung vun de bestehende Gebaier vun de Kasären an de Bau vun enger Sportshal, an zu gudder Lescht de Bau vun engem neie Munitionsdépôt um Plateau Botterweck. Hei sollen NATO-konform Iglue fir d'Munitioun opgeriicht ginn. Et ass net normal, datt eis Arméi zënter enger Rei vu Joren op e Munitionsdépôt an der Belsch muss zrëckgräifen, fir de gréissten Deel vun hirer Munitioun ze lagere.

Dir gesitt, hei komme gréisser Investitiounen op eis zou. D'Erklärung fir dës Investitiounen, déi ass bekannt. D'Militärkasäre Grand-Duc Jean sinn an de 50er Jore gebaut ginn, an un den allermeeschte vun de Gebaier ass bis haut net méi geschafft, moderniséiert respektiv renovéiert ginn. Et wonnert also keen, datt d'Kasären haut an engem relativ schlechten Zoustand sinn an a sech net méi den aktuellen techneschen



Uspréch a puncto Funktionalitéit, Sécherheet an Energieperformance entsprechen.

Den État-major vun der Arméi huet duerfir an deene leschte Joren ëmmer erëm ugefrot, datt d’Kasäre solle renovéiert ginn. Am Joer 2002 ass e Bureau d’études beoptraagt ginn, en Audit ze maachen iwwert déi zukünfteg Besoinen an Infrastrukture vun der Lëtzeburger Arméi. Am Juli 2003 war dës Etüd fäerdeg an huet dräi méiglech Zeenarien opgewisen. Am Juni 2004 ass d’Décisioun op de virleienden Zeenario gefall.

Dëse Choix ass aus folgende Grënn getraff ginn, et sinn der insgesamt sechs: Éischstens, nei Infrastrukture kënnen op Stats-respektiv Gemengenterrainen implantéiert ginn. Zweetens, eng optimal Upassung un déi funktionell Besoiné vun der Arméi ka realiséiert ginn. Drëttens, dräi verschidde Sécurisatiounsniveaue ginn agefouert. Véiertens, et entstinn zwou Stroosse Richtung Kasären, dovunner een exklusive Militärwee. Fënneftens, d’Méiglechkeet, direkt an déi zukünfteg Sportshal ze kommen, ouni duerch dee sécuriséierten Deel vun de Kasäre mussen ze fueren, gëtt erméiglecht. A sechstens, d’Méiglechkeet vun engem weideren Ausbau vun de Kasäre gëtt och domadder perfekt.

Et war schlussendlech awer eréischt Mëtt 2006, nodeems et a sech grave technesch Problemer goufen, wou ee sech definitiv op de Programm a fënnef Etappe festgueluecht huet, wovun mer dann haut, wéi gesot, déi zweet Etapp unhuele wäerten.

Et muss ee soen, datt, wéi d’Etüd ugelaft ass, d’Moderniséierung vun dräi Wunnpavillonen, mat de Raccordementer un d’Distributionsréseauen, an Ugrëff geholl ginn ass, fir op méi engem klengen Plang ze kucken, wéi dat Ganzt duerno am groussen Stil kéint klappen. D’Fro war, ob et besser a méi präiswäert wier, ze restauréieren oder carrément ofzerappen an ze ersetzen. Dës Aarbechte si verkomplizéiert ginn duerch de Fait, datt déi bestehend technesch Réseauen an de Kasären e Circuit sinn, dee vu Gebai zu Gebai geet, an eng Rei vu Bypass-Installatiounen hu missen an deem Sënn realiséiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi vum Hall logistique ass de 4. Mäerz dëst Joer vum Bauteminister déposiert ginn. De 5. Mee huet de Statsrot säin Avis dozou ginn. D’Chamberskommission vum Développement durable huet sech de 7. Oktober mam Projet befaasst an eng Woch drop, de 14. Oktober, mä Rapport ugeholl.

An dësem Projet geet et drëm, wéi schonns gesot, eng Hal fir logistesche Zwecker ze realiséieren. Momentan si ronn 80.000 verschidden Artikelen op méi Gebai um Härebiere verdeelt. Dëse Stockage op ënnerschiddleche Plaze bréngt natierlech en enormen administrativen Opwand mat sech an ass doriwwer eraus oniwiersichtlech.

Zudeem stinn eng ganz Rei vu militäreschen Gefierer ganz einfach dobaussen. Bon, bei deem Material, wat d’Arméi momentan huet, do geet dat vläicht nach. Bäi deenen neien, héich technesche Geräter, an enger, wéi ech scho gesot hunn, Gréisstenuerdnung respektiv engem Käschtepunkt vun 150 Milliounen Euro, dat mer wéi gesot 2007 décidéiert hunn, do ass dat ondenkbar, dëst Material, dëst sophistiquéiert Material dobausse stoen ze loossen an all Witterung auszusetzen. Ausserdeem geet et hinnen a vir ganz einfach net méi duer mat der Plaz fir ze stockéieren, vun aktueller Sécherheetsstandarde guer net ze schwätzen.

Et ass och esou, datt bis elo eng ganz Rei Reparaturen op der WSA gemaach gi sinn. Ech mengen, ech brauch kengem vun lech ze erklären, firwat dat elo net méi méiglech ass. Et sinn och eng ganz Rei Leit vun der WSA op Dikrech transferéiert ginn. D’Atelieren, fir d’Reparaturen ze maachen, ginn deemno och an deem neien Hall logistique integréiert.

Dës Hal ass eng ganz grouss Infrastruktur, déi net direkt an d’Kasären eragebaut gëtt, mä derniewent op de jëtzege Sportsterrein. Dëst verhënnert onnéideg Komplikatounen, well domadder kann a sech ongehënnert geschafft ginn, ouni datt den normale Betrib um Härebiere gestéiert gëtt. Heiduerch muss awer en neien Zou-

fahrtswee gebaut ginn. D’Käschte vun dësem Wee sinn awer net an deem heite Projet, mä si schonn am Gesetz vum 19. Mee 2009, dat heescht déi éischt Phas, déi mer hei décidéiert hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, datt ech lech e puer Zuelen an Detailer zum Gebai nennen. Bon, d’Hal gëtt op dräi Niveaue gebaut. Et sinn engersäits ganz grouss Dépôte vu bal 6.000 Quadratmeter virgesinn. Eng vun deene Raimlechkeeten ass gutt 3.800 m², déi aner zesummen eng ronn 2.000 m². Et handelt sech heibäi zum Deel och ëm ganz spezifesch Dépöten, notament fir ganz geféierlech Materialien. Da ginn et nach Atelieren an der Gréisst vun 3.000 Quadratmeter. Fir d’Gefierer ze lackéieren, ass dann och eng speziell Hal virgesi vun iwwer 600 m².

Des Weideren ass en administrativen Deel am Gebai mat enger ganzer Rei vu Büroen, Versammlungssäll an Archiven an esou weider vun enger gesamter Gréisst vu ronn 1.300 Quadratmeter. Selbstverständlech sinn och déi néideg Locaux techniques am Plang virgesinn.

Bon, heizou wëll ech awer nach soen, datt urspringlech geplangt war, an dësem Gebai de gesamte Chauffage vum Centre militaire ze installéieren. Dëse Projet ass awer zréckgestallt, well ee momentan net esou richtig kann aschätzen, wat fir eng Gréisst vun Installatiounen een do brauch. Dowéinst gëtt den Hall logistique de Moment un de bestehenden Heizsystem ganz einfach ugeschloss. Et ass jo scho virgesinn, vum aktuellen Heizsystem eng Chaudière duerch eng ganz modern Gas-Mazout-Chaudière ze ersetzen.

Ech wëll op dëser Plaz dann net weider op technesch oder architektonesche Erklärungen zu de Fassaden oder Ähnlech amagoen a verweisen dowéinst op mäi schrëftleche Rapport an op den Exposé des motifs vum Projet.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, esou e Projet kascht natierlech vill Geld, an zwar ronn 60 an eng hallef Milliounen Euro. Déi järelech Fraisé sinn och net grad geschenkt mat 2,6 Milliounen Euro fir de Fonctionnement an den Entreten.

Bleift just nach ze soen, datt de Statsrot mam Projet averstan ass, just gemengt huet, datt een dee gesamte Projet vum Embau um Härebiere hätt sollen an engem Projet integréieren an net a méi Phasen. Bon, heiduerch wier awer de Projet nach weider an d’Längt gezu ginn, an duerfir huet d’Regierung d’Entscheidung getraff, fir eben a verschidden Etappen den Härebiere ze moderniséieren.

Sou vill vu menger Säit. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren a ginn d’Zoustëmmung domadder och vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Ali Kaes Merci, an als éischte Riedner ass den Här Fernand Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d’Wuert.

Discussion générale

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Félicitatiounen an een opriichtege Merci un de Rapporteur, den Här Ali Kaes, fir säin exzellente schrëftleche Rapport a säi prezise mëndleche Virtrag.

Mir kommen haut zur zweeter legislativer Etapp fir d’Kasäre vun der Lëtzeburger Arméi um Härebiere, déi an de 50er Jore gebaut goufen, ze erneieren. Et ass längstens gewosst, datt déi bestehend Gebai-lechkeeten eiser Arméi et net méi erlaben, an engem Ëmfeld ze funktionéieren, dat deenen heitegen Uspréch gerecht gëtt.

2004 ass en ambitiëse Bauprogramm ficeleiert ginn, parallel sinn dräi Pavillone restauréiert ginn, fir Erfahrungen ze sammeln a fir de finanziellen Opwand besser kënnen anzeschätzen. Dat war eng gutt Iddi.

Am Abrëll hate mer där éischter Etapp, der technescher Astandsetzung vun de Pavillonen, hei gréng Luucht ginn. Haut solle mer iwwert de Bau vun enger neier Logistikal ofstëmmen. Insgesamt feelen awer nach dräi aner wichteg Etappen, fir dësen Dossier komplett ze maachen.

Et ass wierklech ee Mammut-Programm an et kann een an der Sprooch vun deene leschte Wochen och scho vun engem Marathon-Programm schwätzen.

De Startberäich ass bekannt. Et ass och gewosst, wou mer sollen ukommen, an dach befanne mer eis nach ëmmer an der Opwierphas. A well gewosst ass, datt ee Marathon zimlech laang dauert, muss een an der Lag sinn, den Tempo ze halen an zum Schluss nach genuch Otem hunn, fir ze accélérieren.

Här President, trotz där pragmatescher Approche, de Gesamtinvestitiounsmarathon a fënnef Etappen opzedeelen, hu mer haut nach ëmmer keng definitiv Antwort, ob et ekonomesch, ekologesch a funktionell net méi sënnvoll wär, déi bestehend Pavillonen ze sanéieren, oder awer ofzerappen an nei opzebauen.

Op den éischte Bléck ass et sécherlech sënnvoll, d’Renovatioun vun den Ariehtungen um Härebiere a verschiddene Projets de loi ze stéckelen, fir esou eng méi séier Realisatioun ze erméiglechen. D’Gefor bei dëser Prozedur ass awer parallel - an de Statsrot huet a sengem Avis d’Hägen - , datt de Législateur - d’Chamber also - riskéiert, den Iwwerbléck iwwert dee finanzielle Gesamtvolum vum Projet ze verléieren. Grad an Zäiten, wou d’Statskeesen alles aneschtens wéi iwwerlafen, ass et awer wichteg, datt d’Chamber sech an aller Transparenz ee Bild iwwer all déi eenzel Projete ka maachen a Prioritéiten ze fixéieren.

Et ass den ausdréckleche Wonsch vun der DP-Fraktioun, datt d’Gesamtmodernisatioun um Härebiere an engem accélérierte Rhythmus an eng konkret Realisatiounsphas kënnt. Eis Zaldoten, déi dacks genuch ënner schwieriger Bedéngunge bei Auslandsmissionen hire Mann stinn, hunn et verdéngt, datt si och heiheem ënner akzeptabelen a moderne Konditiounen ënnerbruecht sinn.

Här President, d’Aufgabe vun eiser Arméi hunn an der Zäitspan vun 1950 bis haut fundamental geännert. Besonnesch d’logistesche Infrastruktur um Härebiere léisst béis ze wënschen iwwreg. De virleiende Gesetzesprojet soll deem elo ophëllefen, getrei deem ale Lëtzeburger Sproch: „Gutt Geschier ass d’hallef Aarbecht.“

Déi nei Logistikal ass een absolute Must a villfacher Hisiicht. Dee gesamte Maschinepark an all anert Material huet sech an deene leschte Joren a sengem Opbau a vun der Technik hier enorm weiterentwickelt. Mir schwätzen hei vun Hightech-Material.

Hautdesdags hu Maintenance an Astandhaltungskonzepter primär d’Aufgab, eng héich technesch Disponibilitéit vum Gesamtmaterial sécherzestellen. Eng gutt Maintenance an adequate Raimlechkeeten dréit och derzou bäi, éischstens d’Liewensdauer an eng optimal Notzung vum Material an d’Luucht ze schrauwen, zweetens d’Sécherheet ze garantéieren, drëttens eventuell Ausfäll ze vermeiden a last but not least d’Käschte besser ze iwwerblécken.

An dësem Kontext muss een ausdrécklech betounen, datt bei der Maintenance vun Arméimaterial all Form vun Outsourcing net a Fro kënnt. Eleng schonn aus Sécherheetsgrënn verbitt sech esou eng Mesure. Vill eegenen Know-how iwwert déi speziell Maschinnen, en héicht Mooss un Expérience grad wéi och eng flexibel Disponibilitéit vum technesche Staff sinn hei gefrot.

Mir müssen eis d’Moderniséierung vun eise militäreschen Zentrum eppes kaschte loossen, net zulescht well d’Formatioun vun engem Deel vun eiser Jugend dovunner ofhänkt a soumat och e Stéck vun eiser Zukunft. D’DP-Fraktioun stellt sech duerfir voll hannert dëse Projet.

Här President, well déi nei Logistikal op dee bestehende Sportsterrein gebaut gëtt, ass et onerlässlech, datt déi geplangte Sportshal esou séier wéi méiglech realiséiert gëtt. Opgrond vun de kierperlechen

Ufuerderungen un eis Zaldoten am Kader vun hirem Training, awer och am Kader vun deene verschiddene Missionen am Ausland, sinn och adequat sportlech Infrastrukturen eng absolut Noutwendegkeet.

Déi nei Logistikal gëtt bekanntlech niewent deem bestehende sécuriséierten Espace gebaut. Duerfir falen d’Käschte fir den Aménagement vun den Alentours proportionell gekuckt extrem héich aus.

Ech wëll drop hiweisen, datt et hei wichteg ass, déi nei Gebai-lechkeete beschtens am Natur- a Landschaftsbild anzubauen. Och gëllt et, Kompensatiounsmoosname fir d’Natur vun Ufank u mat anzeplangen an duerno och konkret ze realiséieren. Hei muss den Nohaltegkeetsminister zoustänneg fir öffentlech Bauten en intensiven Dialog mam Nohaltegkeetsminister zoustänneg fir d’Ëmwelt féieren.

Datselwecht gëllt fir déi geplangten Zoufahrsstrooss vum Rond-point Fridhaff aus, wëssend, datt de geplangten Zougank zum neien Hall logistique een Deel vun där neier Stroossebauinfrastruktur ass, déi ee Contournement vum gesamte Militärdomän virgesäit. Dës laangfristeg ausgeriicht nei Verkéiersinfrastruktur hänkt zum Deel vun der Realisatioun vum Nordcontournement vun Dikrech, dat heescht vun der Verbindung vun der Blesbréck op de Fridhaff of. Duerfir wollt ech och den Nohaltegkeetsminister froen, wou mer mat der Planung vun dësem Projet dru sinn an ob dëse Contournement schonn de prinzipiellen Accord vum Ëmweltdepartement huet.

Här President, eis Zaldoten, déi am Ausland opgrond vun hirem Asaz mat derzou bäidroen, datt mir eisen internationale Verpflichtungen nokommen, an datt och eist Land säi klengen Bäitrag an der internationaler Communautéit erfëllt, hunn een Usproch op modern, funktionéierend an de Besoiné vun der Arméi entsprechend Kasären. Et ass héich Zäit, datt mir hinnen dës Kader zur Verfügung stellen.

Domadder ginn ech dann och d’Zoustëmmung vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet a soen lech Merci fir d’Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Etgen Merci. Als nächste Riedner ass den Här Haagen agedroen. Här Haagen, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech géif dem Här Rapporteur villmools Merci soe fir säin ausféierleche Rapport. Ech wëll hei och elo net méi an den Historique an an d’Detailer vum Entstoe vun dësem Projet de loi agoen. Ech denken, datt de Rapporteur a mäi Virriedner dat schonn in extenso gemaach hunn.

Zum Projet selwer: D’Stad Dikrech an Ëmgéigend, mir nennen de Site haut Nordstad, ass ganz enk mat der Arméi an der Kasär verwuerzelt. Zënter elo schonns méi wéi 50 Joer ass d’Garnisounsstad Dikrech an de Site Härebiere mat der Arméi net méi aus dem kulturellen, sportlechen an ekonomesche Liewe vun der Sauerstad ewechzededenken.

D’Investissement an d’Kasär an an déi verbonnen Infrastrukturen, wéi en Hall logistique, eng nei Sportshal, d’Astandsetze vum Schéissstand an esou weider, bedeiten och d’Ofséchere vun Aarbechtsplazen an der Nordstad, jo souguer am Éislek. Déi lokal an déi regional Economie huet an deene leschte Jorzéngten och dovunner gelieft a wäert an Zukunft och dovunner profitéieren.

D’Ubanne vum Site Härebiere iwwer ee Contournement vun der Stad Dikrech léist net nëmmen ee militäresche Problem, mä och ee lokalen a regionalen Transport-Problem. An dësem Projet de loi gëtt eng separat Strooss vu ronn engem Kilometer aménagéiert, déi et erlaabt, de Chantier besser ze organiséieren, an déi ausserhalb vun der Enceinte vun der Kasär läit, esou datt de Fonctionnement vun der Kasär während de Bauarbeiten ofgeséchert ass. Dës Strooss ass déi éischt Etapp an der Planung vun engem Contournement.



De Contournement vun der Stad Dikrech ass also eng absolut Bedéngung fir d'Investissementen an der Kasär Grand-Duc Jean esou ze gestalten, datt och de Verkéier an d'Notze vun den Infrastrukturen optimal kënne geregelt ginn.

De Finanzement ebe vun dëser Strooss ass schonn awer am Gesetz iwwert d'Astandsetzung vun de primären techneschen Infrastrukturen virgesinn, esou datt deen Aspekt hei nach just der Vollständigkeit halber ugeschwat ass.

Wéi meng Virriedner et scho gesot hunn, ginn d'Investissementen a fënnf Etappen duerchgefuert. Eng éischt Etapp, déi schonns amgang ass, de Réaménagement vun den techneschen primären Infrastrukturen, déi duerch d'Gesetz vum 19. Mee 2009 ofgeschéiert ass. Eng zweet Etapp ass dës Konstruktioun vun engem Hall logistique. Déi drëtt Etapp, wéi scho gesot, d'Instandsetze vum Schéissstand Bleesdall. Déi véiert Etapp, d'Modernisatioun vun de bestehende Gebailechkeeten an de Bau vun enger neier Sportshal. Déi fënneft Etapp, de Bau vun engem Munitionslager um Plateau Botterweck zu Dikrech.

Wann all dës Projeten ofgeschloss sinn, bedeit dat, datt mer eng funktionell Kasär hunn, déi dräi Sécherheetsniveauen huet, déi een exklusiv militäreschen Agank huet, an datt ee kann d'Sportshal an den Hall logistique benotzen, ouni mussen an d'Enceinte militaire ze kommen.

Här President, iwwer 50 Joer ass nëmmen an den normalen Entretien an der Kasär investéiert ginn an am Laf vun de Joren ass d'Kasär ganz einfach ze kleng ginn, well se am Ufank - mir schwätze vun 1955 - nëmme geduecht war, fir datt d'Zaldoten do konnte schlofen.

No an no hu verschidde Pavillonen dunn aner Fonctiounen kritt, déi awer ni optimal waren. De Problem vum Stockage, Entretien a Maintenance ass ëmmer méi grouss ginn, well d'Gefierer ëmmer méi performant gi sinn. D'Sécherheet an d'Gesondheet vun den Zaldoten, den Ënneroffizéier, den Offizéier an dem zivile Personal sinn ëmmer méi zu engem Problem ginn.

D'Kasär war gebaut gi fir deemools 1.000 Leit opzehuelen, ouni datt ee vum Stockage an deem Ausmooss geschwat huet. Haut sinn d'Gebaier al, si korrespondéieren net méi deenen techneschen Normen an der Sécherheet. Energetesch Performancen an de Gebaier feele ganz an d'Armée huet ganz einfach Problemer, mat der heiteger Struktur nach optimal kënnen ze fonctionnéieren an ze schaffen, d'autant plus datt och si ëmmer méi international Missiounen kritt.

Duerch de Bau vun engem Hall logistique kënnen d'Gebailechkeeten an der Kasär fräigemaach a moderniséiert ginn. Den Timing gesäit vir, datt de Bau vum Hall logistique am Dezember 2012 ofgeschloss ass.

Mat der Restrukturatioun vun der WSA zu Beetebuerger entfält och d'Méiglechkeet vun der Armée, den aktuelle Stockage weiderhin ze benotzen, sou datt och déi ronn 100 Leit vun der WSA hei um Site kënnen integréiert ginn.

Déi Projeten, déi elo an e puer Etappe genëmegt ginn, sinn deemno dréngend noutwendeg am Hibleck op déi aktuell Situatioun a sinn och wichteg fir d'Regioun. Allerdéngs hu Projete vun esou enger Envergure net nëmme positiv Effekter. Si hunn natierlech och een Impakt op d'Ëmwelt an op de Verkéier.

D'LSAP-Fraktioun begrüsst dofir d'Efforten, déi bei der Auserbechtung gemaach goufen an nach gemaach ginn, fir dës negativ Auswirkungen esou kleng wéi méiglech ze halen. Ech hu schonn iwwert de Contournement vun der Stad Dikrech geschwat. Et ass awer och gutt, datt zum Beispill d'Maintenance an de Contrôle technique vun deene schwéiere Militärgefierer kënnen um Site selwer gemaach ginn. Just fir ze illustréieren: Déi nei Gefierer wäerten ongeféier ee Gewicht hu vu ronn zwielef Tonnen hunn.

Här President, aus dem schréffleche Rapport geet och ervir, datt sech bei der Conception vill Gedanken iwwert d'Ëmweltaspekter gemaach goufen. Dat betrëfft den Energiekonzept, dee schonn ugeschwat ginn ass, deen nach muss complétiert ginn, wa weider Etappe vum Gesamtprojet realiséiert ginn.

Et betrëfft awer och d'Gestioun vum Waasser, wou iwwer separat Kanalisatiounen a mat Hëllef vun engem Réckhaltebecke séchergestallt gëtt, datt d'Ofwaasser aus den Ateliere, wou zum Deel Uelech, Mazout dran ass, net iergendwou versickert oder an déi normal Kanalisatioun leeft. Positiv ass och, datt d'Reewaasser opgefaangen an als Brauchwaasser genotzt gëtt. An Zäiten, wou een d'Bierger mat alle Mëttel probéiert ze motivéieren an ze sensibiliséieren, fir d'Dränkwaasser ze spueren, ass et richteg, datt de Stat an deenen Domäne mam gudden Beispill virgeet.

D'Versigelung, déi op dësem Site duerch d'Realisatioun vun dësem Projet geschitt, huet also keng negativ Auswirkungen op d'Iwwerschwemmungsproblematik am Sauerdall. Och dëst ass e wichteg Punkt an dësem Projet, well an deene leschte Joren de Stat an d'Gemenge vill Suen am Kampf géint d'Héichwaasser do investéiert hunn an och nach wäerten investéieren.

Am Projet si schliesslech 300.000 Euro virgesi fir d'Kompensatiounsmoosnamen. De Fait, datt dës Moosnamen um Site selwer kënne realiséiert ginn, bedeit, datt dës Suen integral kënne fir Ëmweltmoosname genotzt ginn an datt et net néideg ass, supplementär Terrainen opzekafen, ausser wann een zukünftigen Ausbau vun der Kasär Grand-Duc Jean gefrot gëtt.

Wann een am Detail kuckt, wat de Projet alles begräift, ass och de Käschtepunkt, dee mat 60,5 Milliounen Euro net grad niddreg ugesat ass, ze justifizéieren. Aus Grënn vun der Transparenz weist de Rapport - meng Virriedner hunn et gesot - vun der Kommissioun och drop hin, datt déi järelech Frais d'entretien op 2,6 Milliounen Euro geschat ginn.

D'LSAP-Fraktioun ass op alle Fall der Meinung, datt dës Projet noutwendeg ass, an ech ginn dofir am Numm vu menger Fraktioun den Accord zu dësem Projet.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An ech soen dem Här Haagen Merci. Als nächste Riedner ass den Här Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz (déi gréng).** - Här President, mir si ganz kuerz. Eise Vertrieder an der Travaux-publics-Kommissioun, de François Bausch, kann de Mëtte leider net hei sinn. Mä mir ginn awer och als gréng Fraktioun d'Zoustëmmung fir dës Projet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Braz. An da kënnt nach den Här Kartheiser als leschten agedroene Riedner. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'ADR trëtt fir eng verantwortungsvoll a solidaresch Baussepolitik an. An dat heescht och, datt si sech fir e proportional appropriéierte Verdeedegungsbeitrag vun eisem Land an de westleche Sécherheetsa Verdeedegungsorganismen asetzt.

D'Lëtzebuerger Armée ka selbstverständlech mat eiser Ënnerstützung rechnen.

De Projet 5999, deen eis haut virläit, ass néideg aus all deene Grënn, déi den Här Rapporteur eis haut op eng kompetent Manéier exposéiert huet, a mir soen him dofir Merci.

D'ADR stëmmt deen do Projet mat. D'ADR deelt déi Meinung, datt eis militäresch Infrastrukturen onbedéngt musse moderniséiert ginn. Dat verlaangt schonn deen elementaarste Respekt virun all deene Leit, déi eiser Heemecht an Uniform dëngen. Et ass och eng néideg an onverzichtbar Viraussetzung fir en effikasse Fonctionnement vun enger moderner Armée.

Mat Zefriddenheet stelle mir fest, datt e groussen Deel vun deenen Dépensen, déi mir elo hei wëlle stëmmen fir déi nei logistesche Infrastrukturen um Härebiere, fir den Ëmweltschutz sinn, an datt den Aménage-

ment vun enger neier Zougangsstrooss an den urbanistesche Konzept vun der Nordstad passt. Trotzdeem, et ass e ganz deiere Projet. Ganz allgemeng freet meng Partei sech, ob de Stat net dacks ze vill deier baut. Déi Fro misst emol an där zoustänneger Kommissioun an all hiren Aspekter diskutéiert ginn.

Och wat hei dës Projet ugeet, hu mer eng ganz Rei vu Froen, a mir wäer frou, wann den Här Nohaltegekeetsminister eis déi och kéint beäntweren.

Zum Beispill froe mer eis, wa mer de Projet gesinn, ob et justifiéiert ass, datt d'Baukäschten op de Kubikmeter berechent méi héich si wéi bei engem zivile Projet. Do wëllt mer vläicht weider Prezisiounen.

Mir wëllten och wëssen, wéini de Projet ka realiséiert ginn an iwwer wéi een Zäitraum. Mir wësse jo, datt ganz vill Projete gestëmmt sinn. Mir kennen d'Finanzsituatioun vum Stat, a mir froen eis, ob dann elo déi Hal um Härebiere bei deene Prioritéiten ass, ob se do mat derbäi ass, déi d'Regierung muss fixéieren.

Mir wëllen och wëssen, ob de Bau vun där do Infrastruktur, a compte tenu vun der Finanzsituatioun vum Stat, dann net negativ Inzidenzen, notament op d'Modernisatioun vum Logement um Härebiere huet. Mir fannen, datt et ëmmer nach eng Prioritéit muss sinn, datt eis Zaldoten do anstänneg logéiert sinn.

A mir froen eis, ob déi Prozeduren, déi ageschloe ginn, op deen normale Wee vun der Soumission publique ginn, wëssend och, datt mir selbstverständlech och de Wonsch hunn, datt e Maximum vu Lëtzebuerger Betriber herno ka mat un deenen Infrastrukturen bauen.

Här President, d'ADR ass jiddefalls net wëllen, fir eventuell eng Rallonge ze accordeieren, falls de Projet vun der neier logistescher Hal um Härebiere nach sollt iere méi deier gi wéi mir dat haut hei mengen. Dee Budget, dee mir stëmmen, muss dergoen an den Devis muss respektéiert ginn. Mir däreffe keng Steiergelder verbëtzen.

Här President, mir hunn an deene leschte Joren e Wee ageschloen, deen et der Lëtzebuerger Armée soll erlaben, e wichtegen a komplementäre Beitrag zu den europäeschen an atlantesche Sécherheetsstrukturen ze leeschten. Dat bedéngt eng gewësse Spezialisatioun, eng Ausbildung op héijem Niveau an och konsequent Dépensen am Beräich vun de militäreschen Infrastrukturen an Acquisitiounen.

Souwuel am Beräich vun der Modernisatioun vun der Kasär wéi och beim Armement an dem Ausbau vun Transportcapacitéiten handelt et sech ëm wierklech grouss Zommen. Virun allem a Krisenzäite sinn esou Dépensen awer net onëmstriden. An eisen Aen ass et dofir extrem wichteg, datt all déi Programmer enger strikter a konsequenter Kontroll ënnerleien.

Esou Entgleisungen, wéi mir se leider am Beräich vum strategesche Lofftransport mussen erliewen, däreft et net ze ginn. Mir huelen zur Kenntnis, datt d'Regierung décidéiert huet, awer beim Airbus-Programm weider matzemaachen. Mä eis Regierung muss dann awer och op internationalem Niveau onbedéngt mat derfir suergen, datt deen Airbus-Programm net e Faass ouni Buedem gëtt an datt net d'Industrie de gudden Wëlle vun de Regierungen op eng onverantwortlech Manéier exploitéiert.

Mir wäer frou, wann den Här Verdeedegungsminister d'Chamber géif doriwwer informéieren, op wéi eng Manéier d'Lëtzebuerger Regierung mat dorop awierkt, datt d'Käschte bei internationale militäreschen Acquisitiounen op eng effizient Manéier kontrolléiert ginn, a ganz besonnesch och beim Flieger. Och Lëtzebuerger muss als gläichberechtigter Partner am Airbus-Programm mat sengen Experte vun der Cour des Comptes, vun der Inspection générale des Finances a vun der Armée e finanziell Matsprooch- a Kontrollrecht bei esou groussen militäreschen Projeten hunn.

Här President, d'Entwécklung vun der Armée a vun eiser Verdeedegungsolitik am Allgemengen ass eng wichteg Fro fir eist Land. D'Presentatioun an d'Diskussioun vun engem verdeedegungspolitesche Gesamtkonzept fir déi nächst Jore wäer dofir wierklech sënnavoll. Mir sollten, esou wäit wéi dat nëmme méiglech ass, och e Kon-

sens iwwer all déi Froen fannen. Mat Sécherheet ass d'ADR bereet fir Verantwortung matzedroen, wann et drëm geet, d'Interesse vun eisem Land kompetent an effikass ze vertrieden an eis Armée bei hire wichtegen Aufgaben ze ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Kartheiser Merci. Domadder wäer d'Diskussioun ofgeschloss. Elo huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Nohaltegekeetsminister Claude Wiseler, wann ech gelift.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci, Här President. Ech wëll ufänken, andeem ech dem Rapporteur Merci soe fir déi gutt a schnell Aarbecht, déi en hei op dësem Projet wéi op anere scho virdru gelescht huet, an och alle Riedner, déi hei Stellung zum Projet geholl hunn, Merci soe fir déi Ënnerstützung, déi se dem Projet ginn hunn.

E puer Froen si gestallt ginn. Ech wëll och kloer an däitlech op déi Froen äntweren.

Déi éischt Fro, déi vun e puer Riedner gestallt ginn ass, dat ass déi vum Héije Präis respektiv vum Metercarrés-, Metercubepreis par rapport zu aneren Halen, déi am Land gebaut gi sinn. Am Fong, d'Äntwert op déi Fro, déi do gestallt ginn ass, déi ass ganz einfach. Mir hunn dee Bau, dee mer do maachen, „Hall logistique“ genannt.

Mä wann ee kuckt, wat mer bauen, dann ass et am Fong guer net einfach eng Hal. Dann ass et vun dem Inhalt hier wesentlech méi wéi eng einfach Hal, wou een eng Rei Gefierer géif ënnerdaach stellen. Et ass emol haaptsächlech e grouse Stockagezentrum mat engem riese Volume; deen erlaabt der ganzer Armée, déi Logistik, déi elo an de Kasäre respektiv op der WSA stockéiert ass, ënnerzekerien.

An da sinn eng ganz Rei - iwwer zéng - Ateliere dodran. Ateliere vun allen Zorten, fir den Entretien net nëmme vun deene Gefierer, mä am grouse Ganzen; déi Betriber, déi d'Armée muss fonctionnéieren doen, déi alleguer do konzentriert si mat sämtlichem Material, wat och am Präis dran ass, wat och heiansdo ganz héich technesch an héich spezialiséiert Material ass, wat also hei an deene sougenannten Halen op eng Aart a Weis ënnerbruecht ass, datt se uerdentlech an nohalteg kënne funktionéieren.

Dat Drëtt, wat dran ass, dat sinn eng enorm Zuel vu Büeroen. Ech weess net, ob Der gekuckt hutt, wat de Programme de construction ass a wéivill Lokalitéite vu Büeroen hei ënnerbruecht si respektiv ganz Formatiounssäll, Réuniounssäll, didaktesch Säll, déi an deem ganze Komplex do ënnerbruecht ginn. Esou datt et och do wesentlich méi ass wéi eng Hal.

An da schlussendlech déi eigentlech Hal, wou dann déi modern Gefierer vun der Armée kënnen ënnerbruecht ginn, déi natierlech och alleguer déi noutwendeg Ateliere brauchen, fir den Entretien vun deene Gefierer - Sprëtzkabinen, Sablage - ze maachen, respektiv de classeschen Entretien, well et einfach esou ass, datt een net mat deenen Dingoen, déi do kaaft ginn, all Dag an d'Garage fiert, fir den Entretien an de Vidange ze maachen.

Dofir ass et wesentlich méi wéi einfach en Hall logistique. Vlächte war den Numm falsch gewielt, mä den Inhalt weist awer kloer, firwat dee Präis hei ass.

Mir hunn, fir dee Präis hei ze errechen, éischer de Contraire-Exercice gemaach, well an deenen éischten Etüden, déi do waren, war e Präis, dee wäit driwwer war. Do ware mer op 100 Milliounen ukomm, wou mer gesot hunn: Dat kann esou eng Konstruktioun net kaschten. Duerno sinn eng ganz Rei Exercice vu Rationalisatioun, Organisatioun gemaach ginn zesumme mat der Armée, fir da schlussendlech éischteens op dee Programm an op déi hei Bauart a -wee ze kommen, déi eis de Projet op 60,5 Milliounen erofgesat huet. Dat zum Präis.

Déi zweet Fro, déi gestallt ginn ass, dat ass: Wéini gëtt gebaut, a wéi laang gëtt gebaut? Mir si momentan an der Phas, wou mer dee Projet an de Genehmigungsprozeduren hunn, wou mer amgaange sinn an deenen nächste Méint



och déi Ausschreiwungsprozeduren dann, dat heescht d'Bordereauxen, fäerdeg ze maachen.

Ech denken, datt déi Virbereedungen, déi administrativ Virbereedungsarbechte wäit an d'Joer 2010 wäerten eragoen, esou datt mer ufanks d'Joer 2011 an aller Normalitéit dee Bau hei kënnen ufänken, deen eis dann zwee bis dräi Joer wäert huelen.

(Coups de cloche de la présidence)

Ech ginn do net gär genau eng Joreszuel un, well dat hei deen Typ vu Bau ass, dee mer net als kurante Bau considérieren an dofir och net genau op den Dag prës kënnen aschätzen, wat d'Durée ass. Zwee bis dräi Joer wäert et eis awer huelen.

Firwat ass dee Bau hei prioritär, a firwat hu mer deen elo virun anere Baute geholl, wéi zum Beispill déi vum Logement? Mä ganz einfach, well mer déi Gefierer, déi d'Arméi elo huet, momentan an der WSA ënnerbruecht hunn a well mer do eng Kéier eraus mussen, well op deem Terrain aner Saache gebaut ginn.

Dofir ass och op Wonsch vun der Arméi deen hei Projet virun aner Projekte gezu ginn. E gëtt als prioritär considéiert a wäert och deementspreechend am Kader vun de budgetäre Saachen, déi mussen nach getässelt gi fir déi nächst Joren - de Programmen -, och déi Plaz kréien, déi en huet, fir weidergefouert ze ginn. An hannerdru sinn dann no de prioritären Disponibilitéite selbstverständlech och déi nächst Etappe vun dem Kasäprojet virgesinn.

Eng aner Fro war déi vun de Soumissiounen. Ginn hei normal Soumissiounen gemaach oder gi speziell Soumissiounen no Sécherheetskriterien do gemaach? Also, et schéngt mir kloer ze sinn, datt deen hei Projet kann duerch eng normal Soumissiounsprozedur gemaach ginn. Dat heescht, e gëtt normal ausgeschriwwen.

Dann Är Fro: Kënnen da Lëtzebuerger Entreprisë matmaachen? Ma selbstverständlech kënnen se matmaachen. Ob se natierlech elo d'Soumissioun gewannen, dat kann ech lech net soen. Dat gesi mer dann. Mä mir hunn d'Erfahrung an de Bâtiments publics gemaach, datt d'Lëtzebuerger Entreprisë bei deenen Typen vu Bau awer relativ gutt konkurrenzfähig sinn an duerchaus e groussen Deel vun deene Soumissiounen och kënnen positiv fir sech entscheeden.

Aner Froen, déi gestallt gi sinn, dat war och déi, déi de Conseil d'État gestallt huet - an den Här Etgen huet se nach eng Kéier widderholl -, ob d'Chamber duerch de Fait, datt mer hei a fënnef Etappe schaffen, ob mer déi Prozeduren esou géifen anhalen, datt dat och korrekt wär, datt een den Iwwerbléck hätt. Dozou hunn ech zwou Saachen ze soen.

Éischtens kann een net froen op där enger Säit, datt ee wëllt schnell un dee Projet goen, datt en esou schnell wéi méiglech sollt sinn, an dann op där zweeter Säit froen, datt mer alles gemeinsam an engem Projet musse maachen. Well wa mer hätten dat alles misse gemeinsam maachen, da wäre mer elo nach net amgaangen. Mir hunn zesummen de Wee gewielt, fir hei an Etappen ze fueren, ganz einfach fir e finanziellen Iwwerbléck op jiddwer eenzelne Projet ze kréien a fir och kënnen an der Zäit dat Ganzt ze accélérieren.

Hät Etgen, ech trauen der Chamber zou, datt se ouni Problem kann iwwer fënnef Etappen den Iwwerbléck halen. Ech trauen der Chamber dat zou. An ech mengen, datt Der dat kënnt.

(Interruption)

Déi zweet Fro, dat ass wéi et mam Contournement ass vun dem Norde vun Dikrech. Mä ech mengen, Dir wësst, datt dee Contournement een Deel vum Plan sectoriel «Transports» ass, datt en do och an enger Etapp virgesinn ass am Plan sectoriel «Transports», net an der éischter, mä an enger Etapp, déi duerno kënnt, an datt awer do nach - dat hutt Der selwer gesot - eng Rei Froen, déi ëmwelttechnescher Natur sinn, ze léise sinn. Déi si mer amgaangen ze kucken.

Dir wësst, datt den Departement vum Environnement amgaangen ass eng sougenannten SUP duerchzeféieren. Dat heescht, eng Umweltprüfung vun där ganzer Programmation, wou ech dann och hoffen, datt mer definitiv kënnen zu deenen eenzelne Projeten, wat d'Ëmweltfroen, déi sech stellen, ugeet, Décisiounen huelen, fir ze wëssen, wat fir eng dann elo an déi Prioritéitslëscht dragesat gi respektiv wat fir eng eventuell net dragesat ginn. Déi Prüfung ass amgaangen um Ëmweltdepartement ze lafen.

Ech hoffen, dat waren elo all d'Froen, déi Der gestallt hat, wou ech probéiert hunn drop ze äntwerten. Et sinn der eng Rei gestallt ginn, déi elo wäit iwwert dee Projet an iwwert d'Kompetenze vu mengen Departementer erausginn. Déi hunn ech natierlech selbstverständlech net beäntwert. Mä de Verteidigungsminister wäert ee Wuert dozou soen.

► **M. le Président.** - Ech soen dem Nohaltekeetsminister Claude Wiseler Merci. An da kritt elo nach d'Wuert den Arméiminister Jean-Marie Halsdorf.

► **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de la Défense.** - Fir just ze soen, déi Problematik, déi opgeworf ginn ass iwwert den Investissement am Beräich vun der Défense, déi, mengen ech, sollte mer eng Kéier an där nächster Chamberskommissioun diskutéieren. Dat wär déi richteg Plaz, fir dat ze maachen.

► **M. le Président.** - Da soen ech dem Här Arméiminister Merci fir déi Prezisioun. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5999.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5999 ass ugehall mat 57 Jo-Stëmmen an 1 Enthaltung.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Henri Kox;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6015 iwwert de Marché unique des services de paiement. D'Riedezeit ass nom Modell 1 festgeluecht a bis elo huet sech just ageschriwwen den Här Claude Meisch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

5. 6015 - Projet de loi relative aux services de paiement, à l'activité d'établissement de monnaie électronique et au caractère définitif du règlement dans les systèmes de paiement et les systèmes de règlement des opérations sur titres et

- portant transposition de la directive 2007/64/CE du Parlement européen et du Conseil du 13 novembre 2007 concernant les services de paiement dans le marché intérieur, modifiant les directives 97/71CE, 2002/65/CE, 2005/601 CE, ainsi que 2006/48/CE et abrogeant la directive 97/5/CE

- portant modification de:

- la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier

- la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme

- la loi du 18 décembre 2006 sur les services à distance

- la loi modifiée du 15 décembre 2000 sur les services postaux et les services financiers postaux

- la loi du 13 juillet 2007 relative aux marchés d'instruments financiers

- la loi modifiée du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif

- la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier

- la loi modifiée du 23 décembre 1998 relative au statut monétaire et à la Banque centrale du Luxembourg

- la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances

- portant abrogation du titre VII de la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.** - Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, Dir wësst et, Roum ass net an engem Dag entstanden, an Europa och net. Eier mir op Neijoersdag 2002 den Euro kruten, war schonn zielef laang Joer un der europäescher Währungsunioun gebastelt ginn. A wann een et genau hält, war déi ganz Entreprise scho vill méi fréi, nämlech 1970, mam Pierre Werner sengem Plang, ugelaf. Mä ofgeschloss ass dee Währungsverbond, deem haut 16 EU-Länner a véier Grenzländer ugehéieren, genee geholl nach ëmmer net, well nach heiansdo eng Schreiwchen an deem feine Riederwierk feelt.

Eng vun deene Schrauwe solle mir haut andréien. An et ass nawell keng där klengster eng. Mir hu wuel scho laang eisen Euro, mat deem mir haut duerch ganz Europa reese kënnen, mä wat eis bis elo gefeelt huet, ass eng eenheetlech Regelung fir all déi Ariichtungen an och Betriber, déi fir d'elektronesch Ofwécklung vun de Paiementer suergen, sief et elo d'Banken oder d'Kreditkartenopérateuren oder och nach d'GSM-Bedreiwer, d'Tankstellen a souguer heiansdo de Supermarché ëm den Eck.

Si all si scho laang derzou iwwergaangen, nieft dem Borgeld och elektronesch Suen ze akzeptéieren, déi dann iwwer speziell Zentre bei hinnen oder, wéi am Fall vun eiser Cetrel hei zu Lëtzebuerg, vun enger kollektiver Plattform ofgerechent ginn. Nuren, datt déi Zentrale bis elo net no eenheetleche Regele funktionéieren, mä jidd-

wer Land seng eege Virschreften huet, wat natierlech eng Rëtsch vun Nodeeler matschleeft.

Dat soll elo anescht ginn, an zwar engersäits mat der Ëmsetzung vun der Direktiv iwwert d'Services de paiement, ëm déi et haut geet, an anersäits mam Lancement vun där Direktiv hirer praktescher Applikation a Form vun engem eenheetleche Maart fir elektronesch Paiementer, dee sech SEPA - SEPA steet fir Single European Payments Area - nennt an dee vun de Banke queesch duerch Europa op d'Bee gesat gouf; allerdéngs, dat soll een och derbäisoen, op de méi oder manner douden Drock vun der Frankfurter Zentralbank an der Bréisseler Kommissioun.

Dat Ganzt mécht Sënn, net nëmmen eleng, well et d'europäesch Integratioun e Stéck weiderbréngt, mä och, well säi prakteschen Nierwäert net ënnerschat därf ginn. Doduerch, datt déi national Regeln, no deene bis elo d'elektronesch Paiementer ofgewéckelt goufen, elo duerch eenheetlech europäesch Regeln ersat ginn, entsteet effektiv en Espace unique, an deem grenziwwerschreidend Paiementer ouni vill Gedeessens an deemno séier a mat engem Minimum u Fraisen iwwert d'Bühn kënnen.

Et kann ee sech llicht ausrechnen, wat dat souwuel fir d'Finanzprofiel wéi och fir den eenzelne Konsument bedeit. Doduerch, datt elo dat Ganzt vereenheetlecht gëtt, kënnen sech d'Opérateuren aus deem nationale Corselet erausschaffen a sech global europäesch opstellen, wat natierlech substanzieel Économies d'échelle an eng vill méi rationell Exploitation vun de Paiementskanäl erlaabt.

Dat kënnt um Enn och dem Konsument zegutt, dee sech zum Beispill - nëmmen, fir ee Beispill ze nennen - deemnächst net méi iwwert dat Gespills mat der Date de valeur ze iergere brauch, well d'Paiementer vun elo un iwwer Nuecht ofgewéckelt ginn.

Mat där Vereenheetlechung vun de Regele fir d'Ofwécklung vun de Paiementer gëtt och en neien Typ vu Finanzinstituter geschaf, nämlech dee vum Établissement de paiement. Dat Handwierk ass u sech näischt Neits, mä et gëtt vun deene verschiddensten Acteuren - wéi gesot, ugefaange bei de Banke bis bei de Supermarché an d'Bensinspompel - bedriwwen, ouni datt déi en eenheetleche Statut mat entsprecherende Rechter a Flichte bis elo gehat hätten.

Dat ass vun där anerer Woch un anescht, virausgesat, datt Dir der Ëmsetzung vun där Service-de-paiement-Direktiv haut Äre Sege gitt. Dann hu mer den Établissement de paiement aus der Daf gehuewen, dee queesch duerch Europa no deeneselwechte Regele funktionéiert, egal ob deen Etablissement elo un enger Bank oder u soss enger Entreprise hänkt.

Här President, well mir eis hei an deem kriddeleche Finanzberäich bewegen, deen no wäitleefeger Meinung jo net genuch kontrolléiert ka ginn, kritt d'Fro no der Iwwerwaachung vun deenen neien Etablissementen natierlech eng besonnesch Bedeutung.

Op den éischten Ablack kéint ee jo mengen, deen Établissement de paiement géif als Finanzacteur an den Zoustännegkeetsberäich vun der CSSF falen, déi jo all déi aner Profiil vum Secteur iwwerwaacht. Mä deem stoung d'Argument am Wee, datt fir alles, wat mat Liquiditéiten, also mat der Verfügbarkeet vu Geld ze dinn huet, d'Zentralbanken an deenen eenzelne Länner zoustänneg sinn.

Folglech gouf décidéiert, datt déi nei geschafene Etablissements de paiement der Zentralbank ënnerstallt ginn, déi fir sämtlech Paiementssystemer, an an eisem Fall och iwwregens fir de Wäertpabeierofwéckler Clearstream, zoustänneg gëtt. Dat ännert selbstverständlech näischt drun, datt d'Banke mat all hiren aneren Aktivitéite weiderhi vun der CSSF kontrolléiert ginn. Just, datt hir Paiementsfilial der Op-sicht vun der Zentralbank, an eisem Fall der BCL, ënnerleie wäert.